



N°8047
Entrée le 01.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.06.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister vun der Sozialer Sécherheet weiderzeleeden.

Eis ass zu Ouere komm, datt eng Persoun, déi an hirer Apdikt Medikamenter ofhuele wollt an dobäi hir Sécurité-sociale-Kaart huet misse weisen, gesot krut, si wier nemméi am CCSS affiliéiert, an dat säit 3 Méint. Dës Persoun war also dräi Méint laang, ouni et ze wëssen, net krankeverséichert. Si war vum CCSS awer net doriwwer informéiert ginn.

An deem Zesammenhang hunn ech folgend Fro un den Här Minister:

- 1) Ginn et Bestëmmungen, déi festleeën, datt e Verséicherten, deen aus dem System vun der Krankekeess fält, doriwwer vum CCSS informéiert muss ginn? Wa jo, wéini an a wéi enger Form muss déi betreffend Persoun doriwwer informéiert ginn? Wann nee, ass den Här Minister net der Meenung, datt esou eng Bestëmmung misst agefouert ginn, verbonne mat Informatiounen doriwwer, wéi déi betreffend Persoun erëm an de System erakomme kann?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten